

# Wéi war dat dann deemools?

Ech nennen Iech zwee „Noémie“ an „Noah“, sou heeschen d’Kanner jo haut. Stell Der mol vir, Noémie, Du kéims enges Nomëttes mam Bus aus der Schoul, géifs gär dem Chloé en SMS schécken, datt s De nach op d’Rollerblades-Piste gees, an da kéim Deng Mamm a géif Der eng gelunge Kan an de Grapp drécken, déi si Mëlledëppchen nennt, a géif dech bei de Bauer schécken, d’Mëllech sichen.

Oder Du, Noah, séiz doheem bei Demgem Computer, am Internet ze surfen, géifs iwverdeems Däin neien CD lauschteren, an Däi Papp géif nieft Dir op e Stull klammen, grouss Rummen, déi mat Kartong iwwerspaant sinn, virun Deng Fënster stellen a soen, hie misst Däin Zëmmer „verdunkelen“, fir datt d’Fliger keng Luucht geséichen a Bomme geheie kéinten.

Ech si bal sécher, datt Dir allebéid net richtig verstitt, wat ech do soen. D’Triny an de Pierchen awer - so hunn d’Kanner deemools geheescht - déi hätte mech direkt verstanen. Déi hätten natierlech net gewosst, wat e Skateboard wir, e Computer, en Handy, en SMS oder e Gameboy. Et gouf an där Kannerzäit am Krich a kuerz nom Krich, also virun engem décken halwe Joerhonnert, nach keng Computeren, keng Televisiounen, keng CDën, héchstens e Radio an e Grammophon mat Schallplatten, déi gebrach sinn, wann een se trëlle gelooss huet.

Wuer war der d’lescht Joer an d’Vakanz, Noah?, Noémie? Op Palma, op Gran Canaria oder an d’Dominikanesch Republik? Déi éischte Kéier, datt de Pierchen an d’Triny hiert Bauernduerf verlooss hunn, war wéi si vun den Amerikaner evaküéiert goufen, wéi se hu misse fortlafen, méi wäit an d’Land eran oder an d’Frankräich. An iergendanzwousch hunn se hir alleréisch Doudeg gesinn, däitsch oder amerikanesch Zaldoten, déi meescht nach keng zwanzeg Joer al.

Hir éischt richtig Rees nom Krich goug mat der Mamm an d’Stad an d’Oktav. Un eng Vakanz baussent dem Duerf huet mol kee geduecht, ’t ass een héchstens mam Zuch oder mam Postauto fir zwou Woche bei de Monni Jemp oder bei d’Tatta Marechen bruecht ginn, an dann och nach nëmmen, fir do am Karschnatz ze hëllefen oder wann d’Gromperen ausgedoe goufen. „Ferien auf dem Bauernhof“, wéi se haut soen? Moie Misch! Et huet ee mat eelef, zwielef Joer missen eng Hand mat upaken, fir sech seng Quetschegebeessschmier ze verdéngen.

Wéist Der, Noémie an Noah, wat d’Triny an de Pierchen och net kannst hunn?:

Täschegeld. Déi Grouss haten net vill Suen, wouhier sollten d’Kanner der gehat oder kritt hunn? ’t war nach keen do, deen hinnen e Spuerbuch opgemaach an eppes dropgesat hätt. Bal net ze gleewen, wéi?, datt een ouni e Su – pardon, ouni en Euro – an der Täsche konnt an d’Schoul goen! Vu wat hunn déi sech dann eng Cola, e Kafiskichelchen oder e Stéck Schockela kaaft? Hunn se sech wierklech eng Schmier mat an d’Schoul geholl, déi an Zeitungspabeier agewéckelt war?

D’Bouwen hate méi Geleeënheeten, sech e puer Frang ze verdéngen, wéi d’Meedercher. D’Bouwe konnte klabbere goen, an sech op Ouschtersonndeg als Loun Eeër a Suen heesche goen. Se hunn dierfe Massendénger spillen, an dann hunn se no sou enger Woch sonndes vum Paschtouer e puer Frang aus dem Affersäckelche kritt. Se hunn no der Schoul, op de fräien Deeg an an der Vakanz dierfe mat de Baueren hire Kéi ausfueren, da krut een als Kéibouf alt mol schonns e richtige Geldschäin, d’Elteren kruten d’Mëllech eng Grätz méi bëlleg oder hiert klengt Grompe-restéck ëmsoss geplout. Et waren och nëmmen d’Bouwen, déi sech en Täschegeld mat Keelenopriichte verdéngen konnten; d’Meedercher hätten déi schwéier Klatzen nimools gepackt.

Du brauchs awer lo net wéinst dem Triny ze kräischen, Noémie; an Dir, Noah, muss dee geplote Pierchen och net leeddoen. Se sinn haut allebéid Groussmamm a Grousspapp an denke gären un hir eege Kannerzäit zréck, well déi hat och hir schéi Säiten, an ech héieren de Bopa Jempi senge Kandskanner haut verzielen:

„Mir hunn eis Hausaufgaben op der Gewan bei de Kéi gemaach, mä mir hunn do mam Hond gespilt, mir hunn all grouss a kleng Vigel kannst, mir hunn all Karl Maye gelies, an heinsdo vergiess, mat de Kéi heemzefueren, sou spannend war et. A wa mer net bei de Kéi waren, dann hu mer am Bësch Raiber a Jandaarm oder duerch d’ganzt Duerf, duerch all Schäpp a Scheiere Stoppches gespilt. Dir jonkt Geschir vun haut, Dir gitt jo net méi aus op d’Gaass spillen!, ëmmer hänkt der hannert sou engem elektresche Geméch. Krenondikass a keen Enn, d’Kanner mussen dach spillen, dobaussen an der frëscher Loft!“

„Ma sécher hat ech eng Poppekutsch“, héieren ech d’Boma Triny soen, „ech hat souguer zwou Poppen. Mä mir hu meeschtens Spiller gespilt, déi näischt kascht hunn: mir si mat enger Schierbel am Haische gesprongen, dat mer mat Kräid op d’Strooss gemoolt hunn, ’t koum deemools

jo nach bal keen Auto; mir sinn am Krees gesprongen, hunn „wir bauen eine Brück“ gesungen oder „Schornsteinfeger ging spazieren“, mir hu Fänkches gespilt, an heinsdo huet och e Meedchen e Ball geschenkt kritt, dann hate mer alleguer eppes dervun.

„Schlittschong hate mer keng“, seet de Bopa Jempi, „’t goufe jo och keng Äis-Halen. Mä mir haten um Duerf all geneelte Schong un, déi de Schouster äis gemaach hat, a wat mengs de, wat mer mat deenen iwwert d’Wise geflitzt sinn, wann d’Waasser an de Wise stoung a gefruer war!“

„Dir sidd jo och an d’Baach schwamme gaangen!“, grommelt d’Bomi, „do hu mir och net dierfe matgoen.“

„Schwammen, Triny? Bueden, jo! Schwamme konnt keen ee vun äis! Wou hätte mer dat da geléiert gehat? ’t ass scho wouer, de Bouwe war méi erlaabt, wéi de Meedecher, mä och d’Bouwe krute vill Streech; doheem, vum Schoulmeeschter a vum Paschtouer. Dat ass haut bal net méi ze gleewen, mä ’t muss een d’Kanner erzéien, huet dat geheescht.“

Ech gesinn, dem Noémie brennt eng Fro ënnert de Fangerneel! „Krut Der och gejaut, wann Der Iech am Duerf knaschteg gemaach hutt?“

„D’Wäsche war déi Zäit eng schwéier Fraenaarbecht“, erënnert d’Bom sech. „A wann e Rass an enger Box oder engem Schiertech war, da gouf näischt wechgehäit, mä gefléckt. Wou vill Kanner waren, hunn déi Kleng deenen Groussen hir al Saache kritt, wann se nogeréckelt sinn.“

„Wéi dacks buets De dech, Noah?“, schmonzelt de Bop.

„Iwwerhaapt net, ech dusche mech all mueres, dat geet vill méi séier.“

„Abee, mir hate keng Dusch a kee Buedzëmmer. Mueres hu mer äis kal gewäsch, a samschdes gouf an der Kichen eng grouss Biitche mat waarmem Waasser op zwéi Still gestallt, an doranner goufen d’Kanner eent nom anere vun der Mamm geschruppt.“

„Wat heescht dat, „geschruppt“?, wëllt den Noah wëssen.“

D’Bom ass platt. „Weess Du dat net? Weess De dann, wat e „Schruppert“ ass?“

„Null Ahnung.“

„Looss se“, schmonzt de Bop nees, „mir woussten deemools jo och net, wat e „Staubsauger“ wier. „Haut geet alles sou séier, se kréie mol keng Lëtzebuerger Nimm méi gemaach fir all hiert neit Geschir.“

Josy Braun



© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Pol Aschman  
Epicerie zu Leetem, 1965